ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 5. Februar 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir ëffentlech Bauten an un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

Wa meng Informatioune richteg sinn, da si gréisser Aarbechten an der Buerg an am Schlass vun Huelmes virgesinn. Bei där Geleeënheet sollen och archeologesch Ausgruewungen ënnerholl ginn.
Bei der Virbereedung vun dëser Fro ass mier opgefall, datt d'Buerg an d'Schlass vun Huelmes, wou aktuell en nationale Jugendzentrum ënnerbruecht ass (SNJ), net op der Lëscht vun de geschützte Monumenter steet.

Dowéinst wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1) Ass et richteg, datt gréisser Aarbechten um Site vun der Buerg an dem Schlass zu Huelmes virgesi sinn?
2) Ass et richteg, datt de Site vun de Buerg vun Huelmes net um Inventar vun de geschützte Monumenter steet?
3) Ass et „vergiess" ginn, de Site op d'Lëscht ze huelen oder gëtt et dofir konkret Ursaachen? Ass et virgesinn, d'Buerg an d'Schlass esou séier wéi méiglech op d'Lëscht vun de geschützte Monumenter ze huelen?
4) Wéi eng Aarbechte genee sinn um Site vun Huelmes virgesinn?
5) Wie gëtt den Optrag dofir?
6) Wéi héich ass de Budget?
7) A wéi engem Zäitraum ass de Schantje geplangt?
8) Wéi eng Repercussioune kritt de Schantjen op d'Missioune vum SNJ?
9) Wéi eng Repercussioune kritt de Schantjen op den Tourismus am Dall vun de siwe Schlässer?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg** **Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique